PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
28 JAN. 2020
1787

Lëtzebuerg, den 28/01/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Bildung weiderzeleeden.**

Leider kennt et ëmmer erëm vir, dass Professioneller aus dem sozio-edukative Beräich feststelle mussen, dass Kanner oder Jugendlecher kierperlechem, sexuellem oder psychologesche Mëssbrauch ausgesat sinn.

D'Personal aus de Crèchen, de Maisons Relais, de Schoulen an de Lycéeë verbréngt vill Zäit mat de Kanner a gëtt esou oft zu engem éischten Uspriechpartner vu Jonken, déi Gewaltsituatiounen erliewen. Well gläichzäiteg awer vill Kanner, déi an engem abusiven Ëmfeld opwuessen, sech net trauen explizitt iwwert hier traumatesch Erliefnesser ze schwätzen, mussen déi Professionell aus de verschiddene Bildungs- a Betreiungsstrukturen och op bestëmmten Unzeeche bei de Kanner oppassen, déi als Signal fir eng Form vu Mëssbrauch ze verstoe kéinte sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Mëssbrauchsverdachtsfäll u Kanner goufen an de leschte 5 Joer pro Joer vu Säite vu Persounen aus dem Bildungs- an Erzéiungssecteur bei der Police gemellt ?

2. Wéi séier reagéiert d'Police an esou engem Fall an der Moyenne?
   Geet d'Police all Verdachtsfall no?

3. Wéi vill Beamte këmmeren sech bei der Police ëm Signalementer vu Mëssbrauchsfäll?

4. Wéi ginn d'Aarbechten an d'Fäll an dësem Beräich prioriséiert, wann eng Surcharge virläit?
   Ginn et do bestëmmten intern Richtlinnen?

5. Wéi vill Iwwerstonne sinn an deene leschte 5 Joer pro Joer bei deene Beamten, déi sech em d'Aarbechten am Zesummenhang mat Signalementer vu Mëssbrauchsfäll këmmeren, ugefall?

   Plangt de Minister dës Unitéit ze vergréisseren?

6. Wéi eng aner Méiglechkeete wéi e Signalement bei der Police hu Professioneller aus dem Bildungs- an Erzéiungswiesen, fir Jonker virun engem abusiven Ëmfeld ze schützen?

PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

**Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure François BAUSCH et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n°1787 du 28 janvier 2020 de Monsieur le Député Sven CLEMENT au sujet des abus sexuel et psychologique chez les jeunes**

**Ad Fro 1**

D'Police féiert keng Statistik iwwert Zuelen vun den Meldungen vun Mëssbrauchsverdachtsfäll u Kanner déi vu Säite vu Persounen aus dem Bildungs-an Erzéiungssecteur gemellt goufen.

**Ad Fro 2**

D'Reaktiounszäit vun der Police hänkt an dëse Fäll vun der Urgence of.

**Ad Fro 3**

All Polizeibeamten ka mat esou enger Affaire betraut ginn.

**Ad Fro 4**

D'Aarbechten an d'Fäll an dësem Beräich ginn en Accord mam Parquet traitéiert an prioriséiert.

**Ad Fro 5**

Esou eng spezifesch Statistik gëtt et net.
Am Kader vum «Plan de recrutement extraordinaire» dee vum Minister initiéiert gouf, gëtt och de Service de Police Judiciaire an de kommende Jore verstäerkt.

**Ad Fro 6**

Iert ee Signalement gemaach gëtt, kann e Professionellen aus dem Bildungs- an Erzéiungswiesen sech u säin Direkter oder Virgesetzten adresséieren, den Office national de l'Enfance oder ee vun de Servicer, déi dem ONE ënnerstinn, kontaktéieren. An de Lycéeë kann de SePAS en éischten Uspriechpartner sinn.

Dës Professionell schaffen op Basis vun enger ressourcen- a stäerktenorientéierter Approche fir mam Jonke genau a konkret ze definéieren, wat a sengem Alldag als belaaschtend a geféierlech erlieft gëtt. E Mapping vun der Situatioun erlaabt et, e gudden Iwwerbléck vun de Vertrauenspersounen an de Risikosituatiounen ze kréien. Mat dëse Vertrauenspersoune gi dann zesumme konstruktiv Léisunge gesicht, déi dat gewinnten Ëmfeld vum Kand esou mann wéi méiglech veränneren an seng Sécherheet garantéieren.

Esoubal d'Sécherheet a Wuelbefannen net méi garantéiert ass, hunn déi Professionell, déi a Kontakt mat Kanner oder Jugendleche sinn, legal Verflichtungen, deene si mussen nokommen. De Code pénal gesäit Strofe vir, am Fall, wou déi Verflichtungen net respektéiert ginn.

Laut Artikel 23 vum Code de procédure pénale ass all Professionellen, deen am Kader vu senger Funktioun vu Faite weess, déi als "crime" oder "délit" kéinte consideréiert ginn, verflicht, se beim Procureur d'État ze mellen. Géif en dat ënnerloossen, sou géif en sech strofbar maachen.

Méi allgemeng ass laut Artikel 410-1 vum Code pénal all Bierger dozou verflicht, enger Persoun, déi a Gefor ass, Hëllef ze leeschten.

Den Artikel 7 vun der *loi modifiée du 10 août 1992 relative à la protection de la jeunesse* gesäit och vir, datt de Jugendriichter oder de Procureur d'État muss informéiert ginn, wann de Verdacht besteet, datt e Kand a Gefor ass.

Op Initiativ vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend an a Collaboratioun mam Justizministère a mam Gesondheetsministère gouf d'Broschür "Maltraitance de mineurs, procédures à suivre par les professionnels de l'Enfance et de la Jeunesse" zesummegestallt, an där Prozedure festgeluecht sinn, un déi déi Professionell am Beräich Kanner a Jugend esou wéi all aner Professionell, déi a Kontakt si mat Kanner a Jugendlechen, sech sollen halen, wann e Kand hinne matdeelt, datt et maltratéiert gëtt oder wa si Unzeeche vu Mësshandlung bei engem Kand feststellen.

D'Broschür gesäit op institutionellem Niveau e. a. déi heite Moossname vir :

- säi Supérieur hiérarchique (Virgesetzten) informéieren;
- mat der Justiz Récksprooch huelen, wat de Signalement ubelaangt;
- mam Virgesetzten a mat der Equipe Récksprooch huelen, wéi eng weider Moossname musse geholl ginn;
- den Avis vu spezialiséierte Servicer froen;
- d'Prise en charge vum Kand a senger Famill op medezineschem, sozialem a psychotherapeuteschem Plang koordinéieren.

Et gëtt och drop higewisen : « Le seul moyen d'obtenir une analyse des faits par un expert judiciaire, d'identifier l'auteur de la maltraitance et de protéger tant la victime que d'autres victimes potentielles, est de signaler le cas aux autorités judiciaires ».